N° 5790
Reçue le 22.02.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.02.2022

Monsieur Fernand Etgen

Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 22. Februar 2022

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

Wa vill gebaut gëtt, muss och dru geduecht gi wat fir een Impakt dat op den Déieren hir Deplacementer an der Natur kéint hunn. Am Laf vum leschte Joer hu virun allem zwou Brécke fir d'Mobilitéit vun den Déieren méi Opmierksamkeet kritt. Engersäits d'Wëldbréck, déi iwwert d'A3 geet, anerersäits d'Landschaftsbréck, déi tësche Suessem a Käerjeng geplangt ass.

An deem Zesummenhang wëlle mir dem Här Minister dës Froe stellen:

- Wéi vill Wëldbrécke ginn et aktuell am Land?
- Op wéi engem Stroossentyp ginn Wëldbrécke gebaut (Autobunn, Nationalstrooss, CR...)?
- Wat sinn d'Critèren, déi de Bau vun enger Wëldbréck bestëmmen?
- Wat fir Déierenaarten si viséiert, fir am Kader vun der uewegenannter Bréck tëschent dem Bobësch an dem Zaemerbësch zu Suessem/Käerjeng, zirkuléieren ze kënnen?
- Mécht den Här Minister eng Ënnerscheedung tëscht enger Wëldbréck an enger Landschaftsbréck? A wann jo, wéi eng?

Mat déiwem Respekt,

Simone Asselborn-Bintz
Deputéiert

Carlo Weber
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu